piraten.lu

N°4415
Entrée le 08.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet, Sozialversécherung, Asyl & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

A verschiddene Fäll iwwerhuele staatlech Verwaltungen d'Séancen fir Kinée fir verschidde Patienten. Dëst geschitt zum Beispill beim ONA a Form vun engem Bong, deen dem Kinée presentéiert gëtt. No Informatioune vu betraffene Kinéen soll et Fäll ginn, an deene verschidde Patienten um Enn vun de Seancen hir Rechnung net bezuelen, mee d'Verwaltung awer och d'Rechnung net wëll bezuelen, well d'Persoun net méi am Land ass an net erreechbar an opfindbar ass. Esou Fäll féieren dozou, datt verschidde Kinéen manner bereet sinn, fir Patient:innen ze behandelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung confirméieren, datt den ONA d'Käschte vun enger kinétherapeutescher Behandlung iwwerhëlt, wann eng ordonnance médicale an ee Bong vum ONA virleien, och wann déi betraffe Persoun no der Behandlung net méi an enger ONA-Struktur ass, net méi fonnt gëtt oder net méi am Land ass?

2. Wéi eng Prozedur gëllt aktuell fir Kinéen, wann de Patientendeel trotz Bong an ordonnance médicale net vum Patient bezuelt gëtt, a gëtt an esou Fäll eng schrëftlech Decisioun oder Begrënnung vum ONA ausgestallt?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi wëll d'Regierung verhënneren, datt Kinéen oder aner Gesondheetsberuffer wéinst onbezuelte Käschten dono Patientinnen a Patienten aus ONA-Strukturen net méi unhuelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten